

Dem Romain Hilgert sai "Rénert"...

mam stolzen Ennertitel: "Komplett Editioun mat historeschen a politischen Explikatiounen".

Eng Sach ass an der Rei: dës Editioun as, - vum Originaltext hier gesin (déi 14 Gesäng mat hire 6052 Versen) komplett -, mee nët méi komplett wéi dem Rodange seng eegen Ausgab - oder ewéi dem C.Meder séng "Michel Rodange - Gesamt-Wierk"-Ausgab vun 1974!? Dës Bewärtung -"komplett"- as sécher éischter geduecht fir déi wäit iwwer 1000 Explikatioun vum R. Hilgert selwer. Nët einfach nëmmen Allméigleches gët ee gewuer, mee vill Wichteges iwwer dee nationalen an internationale politeschen Hannergronn, iwwer eenzel klerikal, liberal oder reaktionär Leit aus der Zäit tëscht 1830 an 1870, iwwer d'Zeitungs- a Parteiwiesen, iwwer Folklor a Vollekswäisheet, iwwer dem Rodange séng literaresch Inspiratioun (wou a wéi wäit e vum Goethe séngem Reineke Fuchs ofwäicht oder nët), iwwer d'autobiographesch Verschaffen duerch de Rodange; donieft stin dem Rodange séng eegen Explikatiounen um Rand nieft anere Wuerteklärungen ... dat Ganzt ëmmer wa méiglech op der Héicht vun dem betreffende Vers.

Et brauch een nët hinanhier ze bliederen oder an der Sekundärliteratur ze wullen an et versteet ee Munches besser, - ouni datt den Interessi verluer geet, - am Géigendeel!

Also duerchaus averstanen! Och nach d'accord mat där brecht-ähnlecher Kontrasttechnik, déi Historesches oder Soziologesches oder Politesches direkt wider Autobiographesches, d'Erklärungen iwwer déi international politesch Hannergrënn ouni Iwwergank nieft Notten zur Lëtzebuerger oder esouguer zur privater Situatioun vum Rodange réckelt. Mee doduerch dat bal nëmmen déi méi kritesch oder satiresch Blieder vun deemols: "d'Wäschfra" oder de "Wächter an der Sauer" munechmol säitelaang zu Wuert kommen, aner Zeitungen ze soen iwwerhaapt nët, (an zwar wéinst




enger munnechmol - fir mäi Goût e bösse gutt gemengter marxiséierender Parti-pris-Haltong vum Auteur) verléisst "dem Hilgert säi Rénert" de Buedem vun der streng wëssenschaftlecher Wäertneutralitéit, an et gët ee vun dene ville "Rénerten", wéi mer se bis elo haten an hun, nom Motto: Jidderengem säi Rénert, fir séng, vläicht nach esou wichteg Zwecker! Dës eesäiteg Informatioun féiert allerdéngs och zu verschidde Feeler an den Erklärungen: den Auteur verwiesselt, z.B., Äscherkräiz an Halsseenen. Vläicht kann en déi fir eng zweet Editioun neess guddman.

Ech vermessen och dacks Quellenangaben, wann et ëm semantesch oder etymologesch Saachen, ëm Folklor a Gebräicher heiansdo och ëm lokalhistoresch Tatsaache geet; da kënnt wiirklech all Kéier eng Referenz gemaach gin; d'Buch krit da méi eng wëssenschaftlech Nues, ouni datt dat deem méi allgemeng intresséierte Lieser de Spaass géing verdierwen. Am historesch-monographeschen Introduktiounsdeel iwwer de Michel Rodange, iwwer säi Liewen a säi Leiden an enger fréikapitalistescher onge-rechter Welt sin d'Referenze jo och méi systematesch a méi sériéis verschafft gin. Do gët ee vill Wichteges gewuer. Et spiirt een zwar och schon dem jonken Auteur säi gesplécktent Verhältnes zum Michel Rodange: e lueft de Rodange dacks indirekt - wann dee géint politesch a reliéis Ausbeuter schreift a sech opreegt-, mee e rëselt de Kupp iwwert en, wann de Rodange Kritik u verschidden Aspekter vun der proletarescher Revolutioun umellt oder eng Zort demokratesch-liberalistesche Monarchie Constitutionelle guttheescht.

Dat as dach awer dem Rodange säi gutt Recht, - aus wat fir Grënn steet em fräi -, kee Sozialrevolutionär oder einfach och kee Lénks- oder Rietsideolog gewiescht ze sin.

Ech selwer sin iwwerengs der Menong, dat nët den Dax eleng a nët de Fuuss (oder de Fiisschen) eleng dem Rodange séng politesch Menong vertrieeden. Eppes vu Nannetts Méchel stécht a béiden! - an och nach a munnech anerem Déierepelz am Rénert, jo sécher och am Schniewel vun der Graasméck! An deem Zesummenhank sief nach eng Kéier gesot, datt eise Lëtzebuerger Rénert eben am classesche Sënn vum Wuert e classescht -also iwwerzüitlech- gëllegt Wierk as: mat déi wichtegst Sätz sin eben déijéineg, déi vun eiser mënschlecher Natur, vun allgemenge Wourechte schwätzen, iwwer all historesch, ideologesch oder aktuell Zoufälligkeiten ewech - wann en och onbedéngt a sénger Zäit an a séngem Milieu gewuess as an aus hir eraus muss verstane gin, dat esouwéissou.

Esou gesin as de Rodange, fir eis Lëtzebuerger ganz apaarti, e Klassiker, grad esou wéi beispillsweis de Goethe an der



Weltliteratur; vun hinnen allebéid, -vum Goethe jo bestëmmt nach vill méi-, wäerd nach geschwat gin, wa scho laang kee méi un äis denkt, -ganz egal a ganz dovun ofgesin, ob z.B. e Romain Hilgert sech onnéidegerweis doriwwer opreegt, datt dem Goethe säi Papp nu mol säi Papp war, oder datt de Rodange e Kléngbierger war, weder e genialesch begaabte Rimbaud nach en heldenhaften proletaresche Sozialrevolutionär. Deem jonke R. Hilgert misst ee jo eigentlech nët soen, datt de Rénert 1867 erauskoum - grad ewéi deen éischte Band vum "Kapital" vum K. Marx -, deen zweeten an deen drëtten Band dovunner awer eréischt 1885 resp. 1894 - wéi de Rodange scho laang gestuerwe war (1876)!

Dem Rodange säi Fiisschen hat deemno méi Kuraasch ewéi dem Brecht säi Galilei! - An och dowéinst (aus sozialkritesch-aktualiséierende Grënn) misst de Rénert haut gelies gin, do huet den Hilgert Recht! Wie säi Rénert an de Grapp kritt, liest méi ewéi déi zwou, dräi éischt Strophen, oder eenzel Säiten - et as ebe Villes gutt explizéiert an interpretativ illustréiert.

Dëst Buch gehéiert, - wéi e Cours iwwer Lëtzebuerger Geschicht, Literatur a Sozilinguistik iwwerhaupt-, an de Programm vum "Cycle supérieur" vun der "section littéraire" vum "secondaire traditionnel" (esou bombastesch gët dat alles jo zer Zäit vernannt) - an nët "op déi falsch Klass", op Septième! - Eng verbëllegt Ausgab vum annotéierte Rénert wär dann en akzeptabelt Léierinstrument. -Mee éier ët esou wäit as, wäerd nach vill sauere Reen um Knuedler-Fiissche friessen an et wäerte nach vill schrecklech deier Computer ganz Pabeierbëscheriwwerreschter an eis Schoulsäll gespaut hun an duerno duerch aner Wonnerméttelen- an -apparaturen ersat si gin!

J.G. RINNEN